



Liewen op Lëtzebuergesch!

Iwwert dem Roger Manderscheid säi neit Buch

An den Editions Binsfeld as am Dezember wuel dat erstaunlechste Buch erauskomm, dat zënter laangem hei zu Lëtzebuerg erauskomm: dem Roger Manderscheid seng Sammlung vu Gedichter a Prosastécker "mam velo bei d'gëlle fra".

Eleng schons d'Buch als Objet as eng Geschicht fir sech. Op der Vignette vum Emschlag gréisst e Cyclist mat roudem Kap, roudem Tricot a schwaarzer Box, dee nët wëineg huet vum bekannte Champion, deen de Kutter gemoolt huet. An dach dréckt dem Manderscheid säi Cyclist eppes aneshtes aus. Hie steet nët ewéi de Champion vum Kutter an engem donkel ëmhaangene Molerstudio an enger liicht süffisanter, gläichgültiger an zouëner Pose e puer

iwwermëisseg winzeg Magréidercher widdert sech ze halen. Neen! Dëse Cyclist hei steet virun engem Hannergronn vu wäisse Wollécken, bloem Himmel a gréngen an donkle Faarflecke mat engem grouse Bouquet Magréidercher eis zouzewënken. D'Lut as op, de Kierper geet aus sech eraus, keng Schwéierkraaft schéngt dem Manderscheid säi Mann mam Velo méi ze bannen.

Esou befreiend ewéi d'Vignette as och d'Buch. Et brécht mat der Flucht an d'Biller a mat der Flucht an d'Politik, déi der esou vill an hiren Texter bei eis untrieden, well se sech nët trauen, ouni déck Wierder zu sech selwer ze stoen. De Roger Manderscheid gebraucht seng Wierder nët fir eis ze

beniwwelen oder ze bekéieren, mä fir a sänge Gedichter iwwert sech an an de Geschichten iwwert déi Figuren ze schwätzen, déi säng Ängscht an Hoffnungen droen. Wéi wäit a wéi staark hien ze sech selwer steet, dorop weisen direkt zwou Eegenheete vum Buch hin: De Roger Manderscheid schreiw op Lëtzebuergesch an hie veröffentlecht säng Texter an der eegener Handschrëft. Op eng duebel Aart a Weis réiert hien un de Kär vun deem, wat Literatur as: aus dem Fong vun der Mammesprooch fräihiewen a mam Kierper nidderschreiw, wat u Wieder, Biller, Spréch an Handlungen esou staark a wichteg as dat ët eng Form kréie muss, déi ët fir de Lieser grad esou staark a wichteg mécht ewéi fir de Schrëftsteller.

CHRËSCHDAG
OXEBLUTT
AN DE GLIESER
ISELSOURENT
AUS SELWERPABEIER
WÉI E KINNEK EMFAANG
VUN DE BAUREN
ËNNER DER FEIREGER DÄNN
ENG GEFËLLE KRËPP
SCHOF VUM GRILL
GEBRODEN DAUWEN
HAM AUS DER HAARSCHT
SPÄIZMÄNNERCHER
KLAMMOTTA
AN E FATZEGE STÄRESCHNAPS
AM GESIICHT
LËSCHTEG WÉI FRËSCHGEBULRE
GROSSPÄPP
SISSER MARIA JOUSEBETT
AM EISCHE GANK HEEM
O CHRËSCHT
WAT ENG NUECHT

De Roger Manderscheid geet a sängem neie Buch aner Weeër wéi déi vun der Depressioun oder der Verbasenheet vu ville Lëtzebuurger Literaten, ouni awer säng Wonnen ze verstoppen. Esou as dat éischt Gedicht nach e Gedicht vu grousser Trauer fir eng Fra, di hie gär hat an di doud as, am Gedicht an an der Wirklechkeet. Dat, wat do steet, as Literatur an Erfarung zugläich, gesot an där Sprooch, an där hie mat där Fra geschwat huet. Nach ni huet e Lëtzebuurger Schrëftsteller säng Lieser esou u sech erugelooss.

"Io sätzen ech do an d'äschen ze kucke bis se näs liichten" seet am "gedicht" den trauernde Schrëftsteller. Duerno liichten d'Aeche nees mat enger Serie vu Liebesgedichter, wéi ech se bis elo nach ni an eiser Sprooch gelies oder gehéiert hun a fir déi am Moment och d'Nopeschlitteraturen di lëtzebuergesch beneide kënnen. "am gras", "sonndes mueres", "am park", "du gees mer", "de boxmätsch", "steegaart", a besonnesch "wéi op kuelen" schwätze vu Verlangen an Zäartlechkeet, awer och vun Erfëllung. D'Wieder vum Roger Manderscheid beweisen, dat sech

trotz dem Feelen vun engem Verb fir aimer, lieben oder to love auszedrücken, d'Léift sech op Lëtzebuergesch soe léisst, ouni an de Kitsch ze falen oder mat der Hesperkutsch ze reesen. Fir den Décor daachen de Park oder eng Wiss grad esou gudd ewéi e Lannebam, eng Paraïser Mansarde oder eng stiirmesch Héicht. An d'Virleift vun de Lëtzebuurger vir gudd Iessen a lëschtteg Spréch kritt an dem Manderscheid sänge Gedichter eng iwwerraschend witzeg erotesch Dimensioun:


"zweetens bas de keng plaum dréttens kënt ech dech jo och an de grapp huelen wanns d'e gebakene fësch wiers" heescht et an "du gees mer". Wéi räich eis Sprooch as, fir d'Ertaaschte vun engem Kierper ze begleeden, dat seet "wéi op kuelen":

"ech kënt dech tëlteren, triwwelen, druddele, rëselen, drécken an heemelen stuckelen, tesselen, dréien a kéieren, kessen a knutschen ...

an esou weider, well ët gin nach drësseg Wendungen a Verbe méi gebueden. Wem dëst awer nach ze heemesch oder provinziell virkënt, dee soll d'Neruda Iwwersetzung "schéint meedchen" liesen. 't misst him da klor gin: Lëtzebuergesch as eng Sprooch mat ville verstoppte Méiglechkeeten, di mam Roger Manderscheid an och mam Guy Rewenig hir nei Entdecker fonnt huet.

Dat vill méiglech as, soen och d'Ausschnëtter aus dem "Leonce und Lena" vum Büchner, déi an d'Geschicht "em Karolin seng expeditiounen" agebaut gi sin. Si kléngen an der Geschicht esou vertraut an onerwaart zegläch, dat se nët fir näischt der Fantaisie vun engem Meedchen de Wee an d'kreativ Fräiheet an an d'Dreem opschlëissen, déi och schons deem säi Papp hat, ee hien aus Lëtzebuerg verschwonnen as, well hien ët nët méi hei ausgehalen huet. D'Meedchen awer huet d'Sprooch fonnt, déi ët fräi mécht, ouni dat ët d'Land verlooosse muss. Datselwecht gëlt fir de Roger Manderscheid, well mat der Aledung zu dëser Geschicht leet hien e Stéck Prosa vir, dat fir eng romanesk Erzielweis op Lëtzebuergesch grad esou grondleeënd as, wéi dem Büchner säi Stéck fir de modernen Theater:

"d'karolin heut mat senger mamm zesummen an engem alen häus gewunnt, uewen ënnrem daach. op enger mansar mat dräi zëmmeren. dat aalt häus war en immenst laangt an héicht gebai, dat an U-form ronderëm e bannenhaff luch. fir derbäi ze kommen huet ee bäussen op der stross fir t'éischt missen eng schwéier nëlze paart opdrécken, laanscht e coiffeursaloon goen, äus deem een d'schéiere vun de léierbouwen héieren huet sausen an ziselen, iwwerdeems wolléke vu parfüm dorueter geflu sin, an hannen am eck, op déer aner säit vum haff, un enger verstopptener dir an eisene rank ophiewen a fale loosse. dat gouf e plompe knuppert, deen d'mamm bis uewenäus héieren huet."



Di véier aner Geschichten aus dem Buch handelen all vun Aarbechter esou ëm véierzeg Joër, déi nach voller Tatendrang sin, awer duerch hir Aarbecht oder där hire Verloscht un de Rand vun der Gesellschaft gedréckt gin an duerchdréien. Si fänken un, ewéi geckeg ze knipsen an alles mam Tonband opzehuelen, sou wéi wann hinnen eppes entgoe kéint. Oder awer si klammen op d'Beem fir nach emol d'Liewe vu fréier ze fillen, oder si gin an en Tunnel fir do dem Doud a Form vun engem erussenden Zuch ze begéinen an duerno ewéi neigebueren aus dem Tunnel erauszetréppelen. Oder si fueren mam Velo an d'Land an an d'Erënnerung. D'Zäit wëllen se unhalen, hirt Recht op dat Gléck, dat se verpasst hun, nach eng läschte Kéier behaupten: soen, dat se nach do sin an nët dat Näischt sin, dat se schéngen.

Mam Velo kommen an zwou Geschichten d'Hauptfiguren der Fräiheet méi no. Si si nach di glécklechste. Si genéissen op hire Faarten d'Landschaft an hire Kierper, deen sech vu villem lassléisst. Deen een danzt geschwënn um Seel, deen aneren dreemt dovun, bei d'gëlle Fra op den Obelisk ze klammen, well se him esou gudd gefällt. Dobäi hu se all därmoosse Pech mat de Fraen, déi se nët verstin, déi se verloossen oder op Ettelbréck stiechen. A wa bei dem engen an enger agefuerener Bezéiung nach emol eppes ewéi Léift opflackert, esou gët deen anere vun engem Frënd, bezeechnenderweis engem Italiener, virun der gëlle Fra gewarnt: "pass op, (...) déi damm as a wiirkléckheet bal 3 meter héich." D'Fra, dat Onerreechbaart, fir de Lëtzebuurger a fir den Italiener. Nët nëmmen d'Beatrice vum Dante léisst gréissen.



Esou erfëllt oder awer fräi trotz sänge Wonnen de Schrëftsteller an de Gedichter as, esou verhënnert geprigelt, verlooss a gemide si säng Figuren an de Geschichten, trotz dem Liewen an der Kraaft, déi an hinne stiechen a mat deene se näischt ufänke kënnen. Mat der Aarbecht klappt ët nët, mat de Frae klappt ët nët, a wann se esou lieue wëlle wéi ët hinne passt, gi se Fräiwëld fir Viruurteler, di hinnen dat och verbidden. D'Männer hun ët zu Lëtzebuerg schwéier mat hirer Identitéit.

Mat dësem sou wouere Buch schéngt de Roger Manderscheid allerdéngs Weeër fir sech fonnt ze hunn, op deenen hien deen depressiven an donkel ëmhaangene Champion vum Kutter hannert sech léisst. Hie brauch säng Kraaft an déi vu sänge Wieder nët fir eng literaresch oder aner Pose, mä fir d'Liewen a lieueg Literatur.

Victor WEITZEL

D'Illustratiounen zu dësem Beitrag sin aus dem Roger Manderscheid sengem Buch a vun him selwer gemoolt.